

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos (par M. Tom Weidig) et M. Tom Weidig ;

MM. François Bausch, Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson (par Mme Joëlle Welfring) et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement, Marc Goergen et Ben Polidori (par M. Sven Clement).

Se sont abstenus : MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

## 12. 8306 – Projet de loi portant approbation du Protocole d'adhésion à l'accord commercial entre l'Union européenne et ses États membres, d'une part, et la Colombie et le Pérou, d'autre part, en vue de tenir compte de l'adhésion de l'Équateur, fait à Bruxelles, le 11 novembre 2016

An da komme mer elo zu dem Projet de loi 8306, der Ratifizierung vum engem Handelsabkommensprotokoll, engersäits tëschent der EU an hire Memberstaaten, an anerersäits tëschent Kolumbien an dem Peru, fir dem Bättrëtt vum Ecuador Rechnung ze droen. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgehalten. De Basismodell kennt Der. An do ginn ech direkt dem Rapporteur d'Wuert a kucken, wie sech duerno nach dozou mell. Här Graas, et ass un Iech.

**Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, du Commerce extérieur et à la Grande Région**

**M. Gusti Graas** (DP), rapporteur | Merci, Här President. Effektiv, hei geet et ëm en Accord commercial zwëschen der Europäescher Unioun an hire Memberen natierlech op där enger Säit, op där anerer Säit Kolumbien a Peru. Op där anerer Säit wëllt awer elo och Ecuador deem Accord commercial bättrieden. Den 19. Januar 2009 hat de Conseil am Fong geholl d'Kommissioun autoriséiert, fir diesen Accord commercial mat der Ande-Gemeinschaft, esou gëtt déi genannt, auszuhandelen. Dat ass eng Gemeinschaft, déi 1997 vu véier Länner gegrënnt gouf, an zwar Bolivien, Ecuador, Kolumbien a Peru.

De 26. Juni 2012 hat d'EU schonn en Accord mat Kolumbien a Peru ënnerschriwwen. Zënter dem 1. März 2013 ass dee mat Peru provisoresch a Kraaft an zënter dem 1. August 2013 dee mat Kolumbien.

Den Artikel 329 gesäit Dispositiounen vir, wéi am Fong geholl och aner Länner kënnen deem Accord bättrieden. De 17. Juli 2014 kounn dunn e Protocole d'adhésion mam Ecuador an den 8. Februar 2016 huet de Komitee „Commerce“, deem am Kader vum deem Accord hei mat Kolumbien a Peru kreéiert gouf, dese Protokoll guttgeheescht. Bolivien kann u sech och elo, wéi gesot, eng Demande maachen, fir deem Accord nach bäizetrieden.

Et ass en Accord mixte, dat heescht also, e muss och vu sämtlechen EU-Staaten erëm approvéeiert an och ratifizéiert ginn. En huet 14 Titren, 14 Annexen an zwou gemeinsam Deklaratiounen. Dat heescht, et gëtt och elo eng gemeinsam Fräihandelszon hei geschafen.

Et geet drëms, den Handel an d'Investissementen tëschent deene Regiounen ze verbesseren an och virun allem de lokalen Entrepreneuren ze hëllefen, sech

op hirem regionale Marché ze behaapten. An do kann een am Fong geholl festhalen, dass eng Erspuerenis vu 500 Milliounen Euro pro Joer géif entstoen, wat d'Importrechter ubelaangt, awer dat no enger gewëssener Iwwergangsperiod. An deem Accord hei gesäit awer och eng ganz grouss Vereinfachung vum enger Rei Prozeduren vir.

D'Applikatioun vum provisoreschen Accord mam Ecuador huet schonn éischt positiv Resultater elo bruecht. Den Export vu landwirtschaftleche Wueren aus dem Ecuador an d'EU stellt bis elo bal ronn 50 % vum gesamten Export duer. Weesentlech – an ech mengen, dat huet den Ausseminister och virdrun hei ënnerstrach – ass awer d'Anhalen vum de Mënscherechter. An da gëtt natierlech och den Akzent op d'Nohaltegkeet geluecht, virun allem, wéi gesot, wat d'Gestioun vum de Bëscher ubelaangt, wat déi illegal Fëscherei ubelaangt oder natierlech och de Klimawandel.

An da ginn awer – vläicht, fir dem Här Wagner dat dann awer och nach eng Kéier ze rappeliéieren – duerch deem Accord hei och Efforte gemaach um Niveau vum Ecuador, wat d'Aarbechtsrecht ubelaangt, fir eeben och d'Situatioun vum den Aarbechter an deene Länner ze verbesseren. An do kann ech awer nëmmen nach eng Kéier dat widerhuelen, wat och den Ausseminister hei virdru gesot huet: Wann et déi Accorden hei net géng ginn, da kéint een awer bal dervun ausgoen, dass et an deene Länner den Aarbechter mat Sécherheet op kee Fall géng besser goen.

(Interruption par M. David Wagner)

Jo, dat kënnt Der jo herno da vläicht nach eng Kéier rappeliéieren.

Bon, ech wëll dann drop agoen. Deen Accord huet 475 Säiten, an ech hu mer virgeholl, elo pro Säit dann nach eng kuerz Erklärung ze ginn, wann dat ...

(Hilarité)

Ass dat akzeptéiert? Ok. Bon, fir Iech dann awer net ze vill ze strapazéieren, wëll ech trotzdem vläicht just op e puer weesentlech Punkten agoen.

Do geet et virun allem emol ëm d'Douanesrechter. D'Douanesrechter gi suppriméiert. Dat heescht, d'EU huet och decidéiert, fir praktesch op allen Exporter aus Kolumbien, Peru an Ecuador Douanestaxen opzehiewen, ausser op gewëssenen Zorte vu Geméis a Friichten.

(Brouhaha)

Dann, zweetens, d'Liberaliséierung vum Handel ...

(Coups de cloche de la présidence)

... soll dann och progressiv weidergoen, mee dat ka bis zu 17 Joer daueren. An op e puer sensibele Produkter wäert et allerdéngs keng Franchise ginn.

Drëttens geet et am Accord och ëm intellektuell Propriétéit a geografesch Indikatiounen.

De véierte Punkt ass den Echange vu Services. Do kënnt méi eng juristesche Sécherheet, an zwar geet dat nach méi wäit wéi déi um Niveau vum der OMC. Ech gi just ee Beispill, an zwar gëtt et Restriktiounen, wat de minimale Pourcentage vun der Main-d'oeuvre ubelaangt, dee lokal muss sinn.

Dann de fënnefte Punkt: Do geet et ëm d'Visiteuren, déi an déi Länner gi respektiv och déi vum hinnen, déi an d'Europäesche Unioun kommen. Déi kënnen dann och temporairement ouni gréisser Problemer do bleiwen.

En anere Punkt – an dat ass ganz wichteg –, ass, dass awer och Entrepreneuren aus der Europäescher Unioun

un de Marchés publics an deene Länner kënnen deelhuelen. Do sinn d'Reegelen an der Annex XII vum Accord opgeléicht.

Op Basis vum deem Accord kann ee soen, dass d'Artikelen 91, 100, 207 an 218 vum Traité iwwert de Fonctionnement vum der Europäescher Unioun dee Moment respektéiert ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dann zum Ofschloss – an dann, wéi gesot, sidd Der erléist – nach e puer Wuert iwwert d'Aarbechten an der Kommissioun. De Projet de loi gouf den 1. September 2023 vum fréieren Ausseminister – deem säin Numm ech dann awer hei nach eng Kéier wëll rappeliéieren, en ass och nach net vergiess –, dem Här Jean Asselborn, deposéiert. De 16. Oktober 2023 huet d'Chambre de Commerce hiren Avis virgeluecht. Déi war ganz dermat d'accord. An da krute mir de Projet de 26. Februar 2024 an der Kommissioun presentéiert an de selwechten Dag ass de Rapporteur designéiert ginn. De 15. Abrëll ass de Rapport eestëmmege uegholl ginn.

Ech géng Iech dann och bieden, deem Projet de loi zouzestëmmen, an ech ginn och gläichzäiteg den Accord vum der Demokratescher Partei. Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. André Bauler** (DP) | Ganz gutt! Dat war ganz gutt, Här Graas!

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Rapporteur, och fir dese schrëftlechen a mündlechen Rapport.

An da froen ech: Si Wuertmeldungen do? Den Här Hansen.

**Discussion générale**

**M. Christophe Hansen** (CSV) | Jo, villmools merci, Här President. Och des Kéier huet den Här Graas eng ganz detailléiert Presentatioun gemaach. Dat ass och gutt esou. Ech muss awer och soen: Den Handelsaccord, deem et elo gëtt, dee bestoenden tëschent der EU, Kolumbien a Peru an elo mam Ecuador derbäi, wat bedeit deem u sech? Dee bedeit, dass Handels- an Investitiounsflëss bedeitend méi einfach wäerte lafen. Den Här Graas huet et gesot: De Bättrëtt vum Ecuador, contrairement zu deem, wat den Här Wagner seet, weist scho seng éischt Friichten, souwuel fir d'Leit wéi fir d'Betriber, awer och fir d'Ëmwelt.

De Konsument mierkt et och, well eng ronn 500 Milliounen Importtaxe järelech ewechfalen an esou d'Wueren och fir d'Leit méi gönschteg ginn – ech mengen, dass ass emol dat éischt –, an dann och d'Leit an d'Aarbechter, well an deem Accord besonnesch e Schwéierpunkt op Mikro-, Kleng- a Mëttelbetriber geluecht gëtt an doduerch d'Aarmut aktiv bekämpft gëtt, Här Wagner.

An ech muss och soen: Déi nei Accorden, wéi se am Moment verhandelt an ëngesat ginn, an och desene, déi hu ganz kloer en Accent op der Nohaltegkeet, dem Rechtsstaat an de Mënscherechter. Dat gëtt an deem Accord ganz grouss geschriwwen. A mir bréngen et effektiv duerch des Accorde fäerdeg, eng ganz Rëtsch vun eise Wäerter an d'Welt ze exportéieren. An ech mengen, dass ass och gutt esou. „Wandel durch Handel“ gëtt och heiansdo gesot.

A ville Käpp, wéi beim Här Wagner, sinn Handelsaccorden eppes Schlechtes, wou nëmmen e puer grouss Betriber profitéieren, de Wëlle Weste souzeen. An ech muss awer soen: Dat ass grandleeënd falsch, Dir Dammen an Dir Hären, well an der Praxis ass et genau de Géigendeel! Modern Handelsaccorden hunn e spezifesch Ëmweltkapitel, si hunn

e spezifesch Ménscherechterskapitel, si hunn e spezifesch PME-Kapitel, wou justement derfir gesuergt gëtt, datt och effektiv déi Kleng- a Mëttelbetriber profitéieren. Et gëtt Quoten, et gëtt Safeguards an all deene modernen Handelsaccorden, Här Wagner, an ech mengen, dat ass dat, wat gutt ass.

Mir bréngen et fäerdeg, e Changement ze kréien. Ass e vläicht net genuch? Dat ka sinn, mee wa mer näischt maachen, si ganz aner Ekonomien, déi dohannen op der Dier stinn, an ech wëll net, datt déi do e Schratt vir hunn, well dat wier devastateur fir d'Leit, fir d'Ëmwelt, fir d'Länner a fir d'Demokratie dohannen.

An ech kann zu deem heiten Accord d'Zoustëmmung vun der CSV ginn.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Hansen. Ech hu selbstverständlech elo eng Wuertmeldung vum Här Wagner. Sinn nach aner Wuertmeldungen do?

**M. David Wagner** (déi Lénk) | Merci ...

**M. Claude Wiseler**, Président | Nee, ech muss se der Rei no huelen. Den Här Kartheiser huet sech nach virdru gemellt, ...

**M. David Wagner** (déi Lénk) | O nee!

**M. Claude Wiseler**, Président | ... an dann den Här Wagner duerno. Här Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, ech gesinn, Här President, wat ech net geduecht hätt: datt awer hei verschidde Passiounen dechainéiert gi bei dësem Accord, an ech wollt dofir vläicht och e puer Wuert derzou soen.

Déi Handelsaccorden entwéckele sech iwwert d'Zäit. An ech mengen, mir mussen einfach och eisen Discours den Entwécklungen upassen, och den Defien, déi sech stellen. Dat Éischt, wat ee muss soen, den Här Hansen huet et och gesot: Mir exportéiere Wäerter. An dat ass och vläicht dat Éischt, op dat ech wëilt reagéieren. Jo, mir kënne Wäerter exportéieren, mir sollen awer net Wäerter imposéieren. An dat ass mol eppes ganz Wichteges: datt mer vun de Konditionalitéiten ewechkommen, well och eis Partner an der sougenannter „Drëtter Welt“ dat haut guer net méi akzeptéieren. Si wëllen zum Deel net, datt mir mat eise Wäerter kommen. „An unserem Wesen soll die Welt genesen“, esou e bëssen an deem Genre. Dat ass et net méi. Mir brauchen och géintwärtig deene Länner eng Attitud vu gläichberechtigtem Dialog, an dann ass et warscheinlech vill méi liicht, fir eng laangfristeg gutt Relatioun ze kréien.

Eppes Zweetes, wat mer geléiert hunn an deene leschte Joren, dat ass, datt mer d'Schidsgerichter ersetzen duerch richteg Gerichter, wou eeben net méi aleng grouss Firms kënne e groussen, staarken Afloss hunn, mee wou wierklech och eng neutral Gerichtsbarkeit kann d'Interesse vun deenen engen a vun deenen anere vläicht besser consideréieren.

Eppes Drëttes, wouop mir speziell insistéieren, dat ass och eppes, wat mer aus den CETA- an TAFTA-Diskussione geléiert hunn. Dat ass, datt et net ka sinn, datt déi national Parlamenter hir Rechter ewechgeholl kréien, d'Europaparlament praktesch alles wëll ratifizéieren an déi national Parlamenter esou eng subsidiär Rechtskompetenz do kréien. Dat geet net, well d'Zivilgesellschaft an eise Societäten dat mat Recht refuséiert!

Mir haten hei, wéi mer iwwert den CETA geschwat hunn, eng breet Allianz iwwer eis ganz Gesellschaft vun Organisatiounen, déi sech an hire Rechter

leséiert gefillt hunn oder Observatiounen haten oder aner Consideratiounen. Mir kënne eis net einfach doriwwer ewechsetzen a soen: „Ma mir stëmmen hei iwwerhaupt net méi doriwwer of. Dat soll d'Europaparlament maachen.“ Dat ass e Beispill, wéi mer en demokrateschen Defizit an der Unioun géinge kréieren, fir hei enger Rei Saachen aus dem Wee ze goen. Dat ass net dee richteg Wee!

An da läit eng Gefor fir déi Accorden – déi jo awer och deene Länner profitéieren, soss géinge se se net ofschléissen – an de Liwwerkettegesetzter. Dat ass elo eng nei Entwécklung, well an deene Liwwerketten, do gëtt jo u sech vun den Entreprisë verlaangt, datt d'Ménscherechter kontrolléiert ginn, ob d'Ménscherechter bei hiren Zouliwwerer respektéiert ginn. Mee dat geet elo scho méi wäit. Ech liese bei Verschiddenen – och Parteien, déi hei vertraude sinn –, datt net nëmmen d'Ménscherechter solle kontrolléiert ginn, mee och d'Aarbechtskonditiounen.

Wéi soll eng Lëtzebuerger Entreprise, eng Lëtzebuerger PME, kënne kontrolléieren, ob am Ecuador an am Peru d'Aarbechtskonditiounen agehale ginn? Dat ass e Problem bei deene Liwwerkettegesetzter. D'Entreprises zéie sech vläicht léiwer zrëck, wéi herno viru Gericht gestallt ze ginn, well se all hir Obligatiounen net konnten erfëllen. Dann ass dat kontraproduktiv. Da gëtt eeben net méi gehandelt mat deene Länner. An dat wär wierklech genau de Contraire vun deem, wat mer wëllen erreechen.

Mir dierfen an all deene Moossnamen net vergiesen, datt et u sech d'staatlech Verantwortung ass oder eng EU-Verantwortung, fir d'Anhale vu Konditiounen, vu Ménscherechter, vun Aarbechtskonditiounen ze iwwerpräiwen, well eis Firms si komplett domadder iwwerfuert d'riskéieren, sech dann einfach zrëckzézéien.

Als ADR vertriede mer déi Meinung, datt et gutt ass, Handelsaccorden ofzeschléissen, wa se „mutually beneficial“ sinn, wa jidderee kann dervu profitéieren a wa mer esou haart Positiounen, wéi mer se an der Vergaangenheet haten – datt et keng Gerechtegkeet gëtt ass oder datt Leit ausgebeut ginn –, kënne zesumme verënnern. Mir verloossen eis drop, datt mer esou vill geléiert hunn aus der Vergaangenheet, datt mer esou Feeler kënne fir d'Zukunft ausschléissen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Kartheiser. Här Wagner.

**M. David Wagner** (déi Lénk) | Merci, Här President. Fir d'Éischt emol: Mir sinn net géint Handelsaccorden! Dat hu mer ni gesot. Mee mir si géint Handelsaccorden, déi desequilibréiert sinn an déi deene Länner, déi manner industrialiséiert sinn – an deem Fall elo Länner aus der Communauté andine, Ecuador, Bolivien –, méi schueden. A mir si géint en Accord commercial, wou d'Europäesch Unioun sech wéi e Geier behält. An dat ass d'Realitéit.

Dat, wat Dir gesot huet, Här Hansen ... Bon, ech si warscheinlech ënner Afloss vun de Gewerkschaften, vun de Bauerenorganisatiounen a Latäinamerika, vun der latäinamerikanescher Gauche. Dir sidd warscheinlech ënner Afloss vun der latäinamerikanescher Droite a vun deenen, déi hinnen nostinn an déi och permanent fortschrëttlech Regierungen do destabiliséieren.

Dat ass am Ecuador geschitt. Et gouf gesot: „Mee den Ecuador, deen trëtt elo bäi, well et him profitéiert.“ Wësst Dir, wat geschitt ass? D'Europäesch Unioun ass quasiment mat der Pistoul géint de Kapp vun der ecuadorianescher Regierung gaangen. Si hu gesot:

„Wann Dir net bäitriet, da wäerte mir Är Importer immens komplizéiert maachen innerhalb vun der Europäescher Unioun!“ Si sinn ënner Drock gesat ginn, ganz einfach. Esou ass verhandelt ginn! Den Ecuador ass e klengt Land, gequëschts tëscht dem Peru a Kolumbien. Dat heescht: Neen!

An et ass awer komesch, datt Bolivie glécklecherweis weiderhin net wëll bäitrieden. Mee firwat, wann déi Accorden esou fantastesch sinn? Vergiesst net, datt deene Regierungen – notamment d'Regierung a Bolivien – hir Basis aus Gewerkschaften a Bauerenorganisatiounen besteet. A si sinn dergéint. Vlächts si si domm. Vlächts versti si dat net. Vlächts si mir hei méi intelligent. D'Europäesch Kommissioun ass méi intelligent. D'Europäesch Chrëschtendemokratie, déi verstinn anscheinend besser, wéi d'Liewenskonditiounen si vun de Latäinamerikaner an deene schwéierste Beruffer, déi am meeschten ausgebeut ginn.

Dofir wäerte mir och weiderhin dergéintstëmmen. An et ass net wouer: Et ass net weinst deenen Accorden, datt d'Aarbechtskonditiounen am Ecuador sech verbesseren! Dat huet ënner och anerem domadder ze dinn, datt et och do op der Plaz eng Zivillbevölkerung gëtt. Et gëtt och Beweegungen, déi kämpfen, déi fir hir Rechter kämpfen. Si brauchen eis net. Kommt, mir halen op mat deem neokoloniale Gedanken, mir wieren déi, déi hinnen eppes géife bréngen! Dat ass guer net wouer.

**M. Marc Baum** (déi Lénk) | Très bien!

**M. Claude Wiseler**, Président | Här Hansen.

**M. Christophe Hansen** (CSV) | Jo, merci, Här President. E Fait personnel. Den Här Wagner dierf natierlech soen, ënner wéi engem Afloss hie seng Decisiounen trifft. E soll sech awer enthalen, wann e seet, datt ech ënner iergendengem Afloss vun enger latäinamerikanescher Droite wär. Dat musst Dir wierklech fir Iech behalen, ganz kloer!

**M. Laurent Zeimet** (CSV) | Très bien!

**M. Christophe Hansen** (CSV) | An Dir kënnt natierlech dann och soen, wien dat ass, Är Influence dohannen, ob dat Venezuela oder aner kommunistesch Diktature sinn. Voilà, dat musst Dir dann ...

**M. David Wagner** (déi Lénk) | Movimento sem terra zum Beispill a Brasilien. Ech kennen déi ganz gutt.

**M. Christophe Hansen** (CSV) | Voilà, Dir sidd jo och do liiert.

**M. David Wagner** (déi Lénk) | Je n'ai pas honte !

**M. Claude Wiseler**, Président | Voilà, domat wär dann d'Diskussioun ofgeschloss.

Wëll d'Regierung nach eppes dozou soen? Ech ginn net dovunner aus, den Här Bettel hat virdru schonn driwwer geschwat.

(Hilarité)

**M. Xavier Bettel**, Ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur | Dir gesitt a meng Gedanken an Dir liest se.

**M. Claude Wiseler**, Président | Voilà, da wäre mer um Schluss vun der Diskussioun iwwert dëse Projet ukomm.

An da komme mer och zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8306, deen am Document parlementaire 8306<sup>3</sup> steet.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 8306 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt elo un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 58 Jo-Stëmmen, 2 Nee-Stëmmen. Dëse Projet de loi ass also ugeholl mat 58 Jo-Stëmme géint 2 Nee-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Christophe Hansen, Max Hengel, Mme Françoise Kemp, M. Marc Lies, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Marc Spautz, Charel Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;*

*Mme Barbara Agostino (par M. Gusty Graas), MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. Fernand Etgen) et M. Gérard Schockmel;*

*M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener (par M. Georges Engel), M. Yves Cruchten (par Mme Taina Bofferding), Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Paulette Lenert (par M. Dan Biancalana);*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos (par M. Tom Weidig) et M. Tom Weidig;*

*MM. François Bausch, Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson (par Mme Joëlle Welfring) et Joëlle Welfring;*

*MM. Sven Clement, Marc Goergen et Ben Polidori (par M. Sven Clement).*

*Ont voté non: MM. Marc Baum et David Wagner.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

### 13. Motion de M. François Bausch relative à la durée de vie au-delà de 40 ans de la centrale de Cattenom

(Motion déposée au cours de cette séance publique – à consulter en page 35 de ce compte rendu)

Da komme mer elo, wéi gesot, éier mer zum nächsten offizielle Punkt vun eisem Ordre du jour kommen, zu der Motioun, déi den Här Bausch um Ufank vun der Sëtzung hei deposéiert hat. An ech ginn dem Här Bausch d'Wuert. Mir maachen déi Uerdnung esou an da komme mer selbstverständlech zu Ärem Punkt, och wéinst der Organisatioun vun dem Här Ausseminister senger Zäit.

#### Exposé

**M. François Bausch** (déi gréng), auteur | Merci, Här President, datt mer dat de Mëtteg nach kënne diskutéieren. Mir haten de Moien op Ufro vun deene Gréngen an der Commission jointe Economie an Environnement eng Diskussioun iwwert d'Verlängerung vun de Lafzäite vu Cattenom 1. An ech wëll och direkt de Mëtteg dat soen, wat ech och de Moien do gesot hunn: Et geet net drëms, elo nach eng Kéier d'Debatt hei ze féieren, wie fir oder géint Atomenergie ass, dat ass net den Objet, mee et geet drëms, driwwer ze diskutéieren, wat déi Atomzentral bedeit, déi direkt op eiser Grenz steet – wat ëmmerhin eng vun deene gréissten an Europa ass – a bei där d'Lafzäit vun engem Deel dovunner, Cattenom 1, 2026 ausleeft a soll oder misst oder kéint verlängert ginn.

Et ass esou, datt dat eng spezifesch Situatioun ass, well mir wëssen éischters, datt mir et do ze dinn

hu mat engem Reakter, wou et entre-temps genuch Etüde gëtt, interner, externer, an och genuch Incidenten, déi mer haten an deene leschte Joren, déi beweisen, datt dee Reaktortyp do, dat Atomkraftwierk, wat do steet, net nëmme dat gréisst ass, mee och eent vun deenen onstabelsten ass, oft ausgeschalt wéinst technesche Problemer an esou weider.

Mee et gëtt awer och Etüden, déi eebe virun allem beleeden, datt, wann en Incident – e gréisseren Incident; ech wëll de Moment emol net vun engem ganz groussen Incident schwätzen – géif do passéieren, dat d'Existenzrecht vu Lëtzebuerg eigentlech géng a Fro stellen, well d'Konsequenze fir Lëtzebuerg extreem grouss wieren. Dat ass eebe souwiesou ëmmer de Problem: Wann eng Atomzentral gebaut gëtt op enger Grenz, dann huet dat natierlech eng Inzidenz. Net nëmme, well dat Land fir sech selwer decidéiert huet – wat säi gutt Recht ass, ob een domadder d'accord ass oder net –, fir Atomenergie ze bedreiwen, mee et huet och eng direkt Konsequenz fir d'Land niewendrun. An duerfir gëtt et jo och Sécherheetsprozeduren, wou d'Nopeschland muss informéiert ginn iwwer all Incident an esou weider. Also dat heescht, hei geet et drëms, datt natierlech dat Atomkraftwierk bei engem klengen Land steet an datt, wéi gesot, wann eppes do geschitt, am Fong direkt d'Existenz vun deem ganze Land an där Natioun do a Fro steet.

Et ass eng änlech vergläichbar Situatioun ginn zu Fessenheim. Dat ass op der Grenz vu Baden-Württemberg. Dat Atomkraftwierk ass 2020 zougemaach ginn. Dat ass net verlängert ginn. Do huet d'Regierung a Baden-Württemberg sech iwwer laang Joren agesat, mat villen Experten, déi se erugezunn hunn, fir kënne dogéint virzegoen, a si huet errecht, duerch vill Diskussiounen a mat etofféierten Expertenavise, och vu bausse, datt dat Atomkraftwierk zougemaach gëtt.

An elo ass dëst an d'nächst Joer bis 2026 wierklech eng entscheidend Phas. An et ass wichteg, datt d'Regierung sech do déi néideg Moyene gëtt, dat heescht net nëmme intern, mee eeben och extern, fir dogéint virzegoen, fir zu Paräis virstelleg ze ginn, fir kritesch Avice virzeleeën an och d'Dimensioun ze ënnermaueren a wierklech juristesche op d'Ganzt ze goen, fir datt Cattenom 1 net verlängert gëtt an datt mer déi Atomzentral endlech zoukréien.

Ech sinn och frou, datt mat Ausnam vun enger Partei de Moien an der Kommissioun all déi aner där Meenung waren. An duerfir hu mer gesot: „Da kommt, mir maachen och de Mëtteg déi Motioun, déi d'Regierung eeben opfuert, op dee Wee ze goen an deementspreechend dann och d'Chamber reegelméisseg ze informéieren iwwert déi Avice respektiv iwwert déi Schrëtt, déi se gemaach huet.“

Merci.

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Bausch.

Gëtt et dozou Wuertmeldungen? Den Här Hansen.

#### Discussion générale et prise de position du Gouvernement

**M. Christophe Hansen** (CSV) | Villmools merci, Här President. An och merci, Här Bausch, fir d'Présentatioun vun dëser Motioun. Mir haten effektiv de Moien eng ganz extensiv Diskussioun an der Commission jointe Economie an Environnement, déi d'ailleurs och gewebstreamt war. Dat heescht, Dir kënnt och do d'Detailer nokucken. Den Argumentaire, deen den Här Bausch elo ginn huet, hat en nach e bësse méi detailléiert och schonn de Moie ginn.

An ech mengen, de Koalitiounsaccord vun der CSV/DP ass ganz kloer op dem Punkt vun deene kriteschen

Anlagen, déi ëm eis ronderëm sinn. An déi dote Motioun, dat spigelt och gréisstendeels dat erëm, wat mer de Moie geschwat haten.

Ech géif just proposéieren, datt mer den zweeten Tiert vir géifen eraushuelen. Deen ass e bësse bizarre formuléiert an eisen Aen, notament well mer d'Technologie bewäerten, ob se elo deier ass oder ob se bëlle ass oder ob se al ass oder nei ass. Ech géif proposéieren, dee Punkt erauszehuelen, an da kéint d'CSV effektiv derfir stëmmen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Hansen. Dann d'Madamm Hartmann.

**Mme Carole Hartmann** (DP) | Merci, Här President. De Koalitiounsaccord, deen huet eng ganz kloer Sprooch geschwat, wat d'Énergie nucléaire an och eng Fermeture vun notament der Zentral vu Cattenom ugeet.

Mir hunn u sech kee Problem mat dëser Motioun. Et ass just ee Punkt, do, wou d'Regierung opgefuerdert gëtt, den zweeten Tiert, do ass u sech gefrot ginn, fir en Avis critique am Kader vun enger Consultation publique, déi jo och explicitéiert ginn ass, hei ze maachen. Déi Consultation-publique, déi sinn u sech geduecht, fir dass d'Bierger an och d'Société civile sech kënne zu Wuert mellen. Et ass net onbedéngt do, wou d'Regierungen intervenéieren. Dat ass net onbedéngt de Rôle. D'Regierung ass awer och a priori bereet, fir och Avis critiques an détaillés zu dësem hei ze maachen, well dat och en Deel vun der Analys ass, déi muss gemaach ginn, och natierlech zesumme mat Experten.

Duerfir géif ech just proposéieren, dass mer „dans le cadre du processus de la consultation publique“ géifen eraushuelen a fir de Rescht och deen Tiert awer géife bäibehalen.

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Madamm Hartmann. Här Fayot.

**M. Franz Fayot** (LSAP) | Jo, Här President, mir ënnerstëtzen dës Motioun och mat. Déi Atommeilere vun där Generatioun, vun där vu Cattenom, awer insbesonnesch natierlech Cattenom, wat direkt un eiser Grenz steet, sinn eng tickend Zäitbomm. An all déi Leit, déi franséisch Press an och déi kritesch franséisch Press, déi sech reegelméisseg mat EDF beschäftegen a mat der Sécherheet vun hiren Atomkraftwierker, insbesonnesch vun deene vun där doter Generatioun, maache sech natierlech, kënne sech nëmme grouss Suerge maachen iwwert d'Sécherheet vun deenen Installatiounen.

An ech mengen, et soll een op kee Fall déi Zäitfënster 2026 verpassen, wou et ëm d'Extensioun vu Cattenom geet. Mir wëssen, dass et do eng Intentioun gëtt, fir dat nach eng Kéier ze verlängeren ëm eng laang Zäit. An do soll ee sech virulent dogéint wieren a sech och wierklech déi Moyene ginn, déi et dofir brauch, fir dat och op eng effikass Aart a Weis ze maachen. Dofir ënnerstëtze mer dës Motioun.

Mir wäer méi frou, wa mer deen zweete Considerant géife mat derbäi halen – bon, mee ech sinn net den Auteur vun der Motioun, dat sinn déi gréng –, well ech am Fong och net gesinn, wat dorunner problematesch ass. Dat, en fait, seet eng Rei Fakten, dass et eng al, deier, net renouvelabel Technologie ass. Ech mengen, dat huet näischt mat Technologieoffenheet ze dinn. Dat huet mat enger laanger Lëtzeburger Traditioun ze dinn.

Merci.

**M. Claude Wiseler**, Président | Merci, Här Fayot. Här Weidig.